LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°8043 vum 30.Mee 2023 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Nancy Arendt iwwert d'Problemer beim Tiers Payant an der Kinesitherapie**

Wéi den Tableau hei ënnendrënner weist, sinn am Moment kleng Ännerungen ze gesi wat d'Duerchschnëttszäit tëscht dem Empfang vun de Relevéë vun de Kinesitherapeuten an dem Paiement vun der Gesondheetskeess (CNS) ugeet fir déi Partië vun de Rechnungen déi der Krankeversécherung opposabel sinn.

| | 2022 | 01-04/2023 | 05-06/2023 |
|---|---|---|---|
| Duerschnëttszäit tëscht dem Empfang vum Relevé an der Bezuelung (a Kalennerdeeg) | 4,02 | 4,50 | 5,24 |
| Undeel u Relevéen déi bannent 7 Kalennerdeeg oder manner bezuelt goufen | 87% | 89% | 75% |
| Undeel u Relevéen déi bannent 14 Kalennerdeeg oder manner bezuelt goufen | 92% | 89% | 93% |
| Undeel u Relevéen déi ausserhalb vum konventionellen Delai bezuelt goufen (leschte vum nächste Mount) | 0,6% | 0,4% | 0,0% |

Den Artikel 25, Alinea 7 vun der Konventioun tëschent der CNS an der ALK gesäit Folgendes vir:

> *« Au plus tard le dernier jour du mois qui suit la date de réception du fichier de facturation la CNS procède au paiement des prestations non contestées. […] ».*

Sou wéi och schonn déi lescht Joren, ass an deene meeschte Fäll den Delai vum Paiement vun der CNS e gutt Stéck méi kuerz wéi den Delai deen an der Konventioun virgesinn ass.

Wat d'Grënn ugeet, déi den aktuellen Delai vum Paiement erklären, deen awer trotzdeem nach de konventionelle Bestëmmungen entsprécht, sollt bemierkt sinn dat e neie Logiciel a Produktioun gaangen ass, deen der Equipe déi fir d'Ausbezuele vun de Rechnunge vun de Kinesitherapeuten zoustänneg ass, nei Missiounen abruecht huet. D'CNS war sech bewosst dat dëst kéint e klengen Impakt op den Delai vum Paiement hunn, mä et huet kee Risiko bestanen dat de konventionellen Delai net géif agehale ginn.

Obwuel déi konventionell Bestëmmunge respektéiert sinn, ass d'Bestriewung vun der CNS déi finanziell Prise en Charge, an dësem Fall de Remboursement vun de Leeschtungen un d'Kinesitherapeuten, ënnert de beschtméiglechen Delaien ze assuréieren. Dofir wäerten déi intern Prozeduren optimiséiert ginn.

Wat d'Erweiderung vum System vum „Tiers payant" ubelaangt, esou muss ee soen dat un enger neier Generatioun geschafft gëtt: de Paiement immédiat direct (PID). Dëse wäert dofir suergen dat déi finanziell Prise en Charge kann direkt stattfannen. De PID ass elo an der finaler Programmatiounsphas a soll am Oktober 2023 operationell sinn. Et ass net ausgeschloss dat dësen neie System méi spéit kéint déi aktuell „Tiers payant"-Systemer ersetzen. Dëst misst awer dann an de jeeweilege Konventiounen ëmgeännert ginn a bräicht och vill Investissementer vun de betraffene Servicer well dat alles muss informatesch

programméiert ginn. Dat kann awer eréischt an Ugrëff geholl ginn, wann de PID bei den Doktere bis voll operationell ass, dat heescht fir déi verschiddene Dokter-Spezialitéite programméiert gouf.

Lëtzebuerg, den 4. Juli 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen